

10 konkret Aktiounspunkten fir d'Lëtzebuenger Sprooch!

D'Petitioun No 698 fir d'Lëtzebuenger Sprooch vum Lucien Welter huet 14.702 Stemmaen krut, a weist datt d'Lëtzebuenger wëllen datt hir Sprooch am Alldag méi héichgehale gëtt. Eng Géigepetitioun déi bal 10.000 Stemmaen krut, klammert sech um Status Quo, deen awer alles anescht wéi eng fair a gerecht Méisproochegkeet ass. Am Géigendeel, am Alldag ass viles net op Lëtzebuergesch oder Däitsch, mä exklusiv op Franséisch. Dat weist eng intern Etude vun eis kloer. (am Annexe)

Mir proposéieren hei 10 konkret Aktiounspunkten, déi einfach ëmsetzbar sinn: Fir eng richteg Méisproochegkeet am Alldag wou d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch an als administrativ Sprooch och zur Geltung kënn a wou Däitsch a Franséisch sech am Equilibre halen, an dat mat guddem lëtzebuenger Pragmatismus.

Zil vun den Aktiounspunkten ass d'Präsenz vun der Lëtzebuenger Sprooch am Alldag nees ze erhéien, och fir deene Leit ze hëllef, déi Lëtzebuergesch léieren an hinnen ze weisen, datt eis Sprooch wichteg ass. Dat war jo och d'Ulees vum Vusal Gafarov senger Petitioun no. 602.

Am Sënn vum gudde lëtzebuergesche Pragmatismus limitéieren sech d'Aktiounspunkten op lëtzebuergesch Nimm a kuerz Sätz woubäi laang Texter op Däitsch a Franséisch kënnen sinn.

Kommt mir maache mol einfach pragmatesch Schrëtt, déi séier a bëlle ëmsetze sinn, déi eng ganz kloer Opwärtung vun eiser Sprooch bedeiten an déi awer kengem wéi dinn!

10 konkret Aktiounspunkten fir d'Lëtzebuenger Sprooch

1. D'Uertschaftsschëlter sinn op Lëtzebuergesch, déi däitsch a franséisch Bezeechnung steet a méi klenger Schrëft drënner.
2. D'Nimm vun den Zuch-, Bus- an Tramsstatioune sinn op Lëtzebuergesch.
3. Jiddereen deen iwwer d'Strooss, d'Schinn (Gare), de Fliger (Fluchhafen) an d'Land erakënnt, gëtt vun engem Schëld op Lëtzebuergesch begréisst. Méi kleng drënner kann d'Begréissung och op Däitsch, Franséisch oder Englesch stoen.
4. All Schëlter déi op d'Infrastrukture vum Staat oder enger vun enger Gemeng hiweisen (Schwämm, Schoul, Kierfecht, Spidol, asw.) sinn op Lëtzebuergesch. E Piktogramm soll garantéieren datt jiddereen d'Schëld versteet.
5. All Websäite vu Gemengen an Administratioune begréissen d'Leit op Lëtzebuergesch. D'Websäite sinn op mannst an 2 vun eisen 3 administrative Sproochen disponibel, sou datt eng Persoun déi keen Däitsch oder Franséisch kann hei am Land net diskriminéiert gëtt.
6. All Standardbréiwer a Formulaire vun de Gemengen an Administratioune sinn op mannst op 2 vun eisen 3 administrative Sproochen geschriwwen, sou datt eng Persoun déi keen Däitsch oder Franséisch kann hei am Land net diskriminéiert gëtt.
7. All Brochuren a Campagnen vun Administratioune a Gemengen dierfen net an enger eenzeger Sprooch geschriwwen sinn, et sief déi Sprooch wär Lëtzebuergesch.
8. All Gemengen an Administratioune begréissen de Bierger um Telefon op Lëtzebuergesch a fuere wann néideg an enger anerer Sprooch weider.
9. Den Term "dans la mesure du possible" am Art. 4 vum Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 gëtt méi restriktiv ausgeluecht wéi bis elo. Am Fall, wou eng Iwwersetzung net méiglech sollt sinn, ass

d'Administratioun verpflichtet de Bierger iwwert déi genee Grënn opzeklären.

10. De Bierger kann sech un e Gremium wenden, deem d'Implementatioun vun dësen Aktiounspunkten iwwerwaacht.